N°536
Entrée le 26.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°536 vum honorabelen Här Députéierte Marc Goergen zum Sujet « *Transparence au niveau communal* »**

**Fro 1:**

De Gemengesecteur ass duerch d'Circulaire n°3651 vum 4. Dezember 2018 iwwert d'Dispositioune vum Gesetz vum 14. September 2018 zur Transparenz an Oppenheet vum Staat („ATO") informéiert ginn. Zousätzlech Präzisiounen iwwert d'Kommunikatioun vun Dokumenter, déi dem Gemengerot am Kader vun enger Gemengerotssëtzung zur Verfügung gestallt ginn, respektiv d'Kommunikatioun vun Deliberatiounen, déi am *huis clos* geholl ginn, krut de Gemengesecteur iwwert d'Circulaire n°2023-104 vum 8. August 2023 matgedeelt.

**Fro 2:**

Wann d'Bierger Accès op Dokumenter froen, spillen d'Dispositioune vum ATO-Gesetz.

Sollt eng Gemeng refuséieren, Dokumenter eraus ze ginn, déi net ënner d'Exklusioune vum Artikel 1, Paragraphe 2, vum uewe genannte Gesetz falen, kann de Bierger op Basis vum Artikel 10 vun dësem Gesetz d'*Commission d'accès aux documents* („CAD") schrëftlech innerhalb vun engem Mount, ab der Notifikatioun vum Refus vun der Gemeng, saiséiere fir en Avis iwwer de Refus ze kréien.

D'CAD kommunizéiert hiren Avis un de Bierger an un d'Gemeng an engem Delai vun 2 Méint. Sollt d'CAD der Meenung sinn, datt d'Dokumenter solle kommunizéiert ginn an ënnert der Viraussetzung, dass d'Gemeng mat deem Avis averstanen ass, huet d'Gemeng een Delai vun engem Mount fir dëst ze maachen.

Sollt d'Gemeng net mam Avis vun der CAD averstane sinn oder keng Kommunikatioun innerhalb vum Delai vun engem Mount erfollegt sinn, kann de Bierger d'administrativ Juridictiounen an engem Delai vun 3 Méint saiséieren, déi dann *en réformation* iwwert de Litige statuéieren.

Am Sënn vum Gesetz vum 14. September 2018 gesäit de Gesetzesprojet n°8218 eng Rei Dispositioune vir, déi fir méi Transparenz suerge sollen an de Bierger d'Méiglechkeet solle ginn, reegelméisseg iwwert d'Aktivitéiten vun der Gemeng informéiert ze ginn. Fir een effektiven an transparenten Zougang zu Informatiounen ze garantéieren, gesäit dëse Gesetzprojet vir, datt d'Gemeng periodesch d'Populatioun iwwert d'Deliberatiounen vum Gemengerot an d'Attributiounen vum Schäfferot informéiert.

**Fro 3:**

Wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, engagéiert d'Regierung sech fir e biergernoen an transparente Staat ze schafen. Dozou gehéiert och d'Iwwerschaffe vum Gesetz vun 2018 zur Transparenz an Oppenheet vum Staat. Hei sinn déi zoustänneg Servicer amgaang en Ännerungsprojet auszeschaffen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Fro 4:**

Fir de Bierger d'*Demandes d'accès à l'information* an d'Saisine vun der CAD betreffend Demanden u staatlech Administratiounen ze vereinfachen, huet de Service Information et Presse vun der Regierung (SIP) eng Plattform geschaf, déi d'Demanden u Ministèren a staatlech Administratiounen zentraliséiert.

All aner Organismen, déi potentiell an de Beräich vum ATO-Gesetz falen, dorënner Établissements publics, Entreprisen, déi eng staatlech Missioun ausüben oder awer och Gemengen, déi eng eege juristesch Personalitéit hunn, gi vun de Bierger direkt saiséiert a sinn deemno net Deel vun der Plattform vum SIP.

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden